Eng wuelverdéngten Erhuelung

D'Mierscher Musek zu Hamburg

Miersch/Hamburg. Vum 16. bis den 20. Mee war d'Mierscher Musek een Ausfluch op Hamburg maachen. Hei hunn déi 58 musikalesch Touristen nieft enger Visite vun der Stad selwer och een Tour mat enger Barcasse duerch den Hafe vun Hamburg gemaach. Et gouf gemunkelt, datt deen een oder aneren owes och op der Reeperbahn gesi gouf. Well den Norde vun Däitschland awer vill ze bidden huet, ass et mëttwochs als éischt op Lübeck an duerno un de Strand vun Travemünde gaang. Selbstverständlech huet, wéi ee gesäit, eng Gruppefoto net dierfe feelen. Den Dag drop stoungen dunn entweder eng Beatlestour (d'Beatles haten hir éischt Optrëtter zu Hamburg) oder d'Miniaturwelten um Programm, ier et da mëttes bei schéinstem Wieder op Shoppingtour goung. D'Visite vun engem Musical huet natierlech och net dierfe feelen, a sou hunn déi Mierscher Touristen sech dierfen entweder op den „Kőnig der Löwen", „Aladdin" oder „Phantom der Oper" freeën. Freides ass et du leider schonn erëm nees zréck op Miersch gaang, mä mat ville schéinen Impressiounen a gudder Stëmmung am Gepäck. Mat enger gudder Zesummenaarbecht mat der Reesagence Demy Schandeler war Hamburg eng wuelverdéngten Erhuelung an Oflenkung vum musikaleschen Alldag. (Laurent Nickels via mywort.lu)